N°2096
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op d'parlamentaresch Fro n°2096 vum 14. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Am Kontext vum Russlandkrich hunn d'USA lëtzebuergesch Filiale vu russeschen Entreprisë sanktionéiert. Dorënner sinn d'East West United Bank SA, d'Gazprom Neft International SA an d'GPB International SA. Am Januar 2023, haten d'USA och d'Spacety Luxembourg op hir Sanktiounslëscht gesat. Verschidden vun dësen Entreprisen hunn an Tëschenzäit mat hiren Aktivitéiten zu Lëtzebuerg opgehalen.

Doriwwer eraus hu Länner wéi China, Russland oder och Belarus Sanktioune géint EU Bierger, Politiker, Fonctionnaire oder Betriber verhaang. D'Regierung kann net ausschléissen dass och lëtzebuergesch Staatsbierger vu Sanktiounen aus dëse Länner betraff sinn, well d'Lëschten dacks net ëffentlech zougänglech sinn.

Bei de Mesuren déi Drëttlänner aféieren handelt et sech oft em Areesverbueter, Afréiere vu Verméigen oder Handelsbeschränkungen. Et ass ze notéieren dass am Géigesaz zur EU, dës Mesuren oft net transparent sinn a betraffe Persounen net vun de selwechte Rechter profitéiere kënne wéi dëst an der EU de Fall ass.

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel
(s.) Xavier Bettel